**Gemeng Rammerich**

# Gemengerotssëtzung vum 6. Juli 2023

## Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d’Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir kënnen drop ze bauen.
2. Deliberatioun iwwer d’definitiv Geneemegung vum Eenzel-Ariichtungsplang (PAP) vun den Terrainen zu ROUMECHT “Auf dem Tirchen” fir kënnen drop ze bauen.
3. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun der Konventioun a vum Ausféierungsprojet am Kader vun der Realiséierung vum Eenzel-Ariichtungsplang (PAP) “Rue de l’Église” zu WOLWEN.
4. Deliberatioun iwwer d’Festleeë vun den Aschreiwungstariffer fir d’Aquagym-Coursen an der Schoulschwämm zu Kietscht.
5. Deliberatioun iwwer d’Aféiere vun enger finanzieller Bäihëllef fir d’Eltere vun de Schüler aus dem Grondschoul- an dem Sekundarschoul-Unterrecht fir d’Uschafe vum Schoulmaterial fir d’Schoulrentrée.
6. Deliberatioun iwwer d’Ufro vun engem Zousazkredit am uerdentleche Gemengebudget 2023 vun der Gemeng Rammerich: Finanziell Bäihëllef fir d’Eltere vun de Schüler aus dem Grondschoul- an dem Sekundarschoul-Unterrecht fir d’Uschafe vum Schoulmaterial fir d’Schoulrentrée.
7. Deliberatioun iwwer d’Ufro vu Spezialkreditter am Gemengebudget vun den ausseruerdentlechen Depensen respektiv vun den ausseruerdentleche Recette vun der Gemeng Rammerich fir den Exercice 2023:
   - Uschafe vun engem Spullweenchen,
   - Staatleche Subsid fir d’ Uschafe vun engem Spullweenchen.
8. Deliberatioun iwwer d’Schafe vun dräi zousätzleche Vollzäit-Posten am Loungrupp B vum Gemengenarbichter.
9. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun der Konventioun iwwer de Sozialbüro vum Réidener Kanton OS CARE fir d’Joer 2023.
10. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.
11. Deliberatioun iwwer d’Zouerkeennung vun engem ausseruerdentleche Subsid.
12. Äntwerten op d’Froen un de Schäfferot.

13. NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Deliberatioun iwwer d'definitiv Ernennung vun enge(r)m beigeuerdente(r) Gemengesekretär(in) am Statut vun engem Gemengefonctionnaire mat enger Vollzäit-Tâche an op onbegrenzten Dauer.

## Un der Sëtzung huelen deel:

Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Marie-Louise Kettel (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP).

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

Entschëllegt: ./.

## Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) begréisst d'Conseilleren op dëser, senger läschter Sëtzung, déi och fir verschidde Conseilleren déi läscht Sëtzung ass, wärend anerer an enger neier Zesummesetzung vum Conseil weidermaachen.

## 1. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir kënnen drop ze bauen.

Dräi Ufroe fir Terrainen opzedeelen, leien dem Gemengerot vir:

- Zu Pärel an der Rue du Cimetière soll en Terrain vun 9,9 Ar an zwee Lousen opgedeelt ginn,
- An der Rue du Lavoir zu Bungeref soll eng Wiss vun 31,20 Ar op zwou Parzellen opgedeelt ginn, fir op enger dovun en Haus bauen ze kënnen.
- An der Rue de l'Ermitage (CR 311) zu Wolwen soll en Terrain vun 10,84 Ar op zwou Parzellen opgedeelt ginn.

Mat dëse Pläng sinn d'Gemengeréit eestëmmeg d'Accord.

## 2. Deliberatioun iwwer d'definitiv Geneemegung vum Eenzel-Ariichtungsplang (PAP) vun den Terrainen zu ROUMECHT "Auf dem Tirchen" fir kënnen drop ze bauen.

De Gemengerot ass eestëmmeg averstane mat der definitiver Geneemegung vum Eenzel-Ariichtungsplang op der Roumecht "Auf dem Tirchen" (Rue Belle-Vue).

## 3. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun der Konventioun a vum Ausféierungsprojet am Kader vun der Realiséierung vum Eenzel-Ariichtungsplang (PAP) “Rue de l’Église” zu WOLWEN.

De Projet an der Rue de l’Église zu Wolwen gesäit op engem Terrain vun 93,60 Ar de Bau vu 14 Eefamilljenhaiser fir, dovun véier Eenzelhaiser a fënnef Duebelhaiser. 31,10 Ar oder 33,23% vum Terrain ginn un d’Gemeng ofgetrueden als ëffentlech Infrastrukturen. An der Konventioun gëtt festgehalen, wéi d’Infrastrukture mussen ugeluecht ginn, wéi d’Strooss soll ausgesinn, wéi d’Parkplazen an d’Trottoire resp. e Foussgängerwee mussen beschafe sinn. Des Weidere musse Kanal, Waasser, Stroum, ëffentlech Luuchten a Gréngflächen ugeluecht ginn. D’Aarbechte musse bannen zwee Joer substanziell ugefaange sinn.

Dës Konventioun gëtt vun alle Conseilleren approuvéiert.

## 4. Deliberatioun iwwer d’Festleeë vun den Aschreiwungstariffer fir d’Aquagym-Coursen an der Schoulschwämm zu Kietscht.

D’Aschreiwungstariffer fir d’Aquagym-Coursen an der Schoulschwämm zu Kietscht ginn op 88 € pro Trimester festgeluecht. Si sinn am Viraus ze bezuele fir ze verhënneren, datt Leit sech umellen, an dann nëmme sporadesch kommen.

Dësen Tarif gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 5. Deliberatioun iwwer d’Aféiere vun enger finanzieller Bäihëllef fir d’Eltere vun de Schüler aus dem Grondschoul- an dem Sekondärsschoul-Unterrecht fir d’Uschafe vum Schoulmaterial fir d’Schoulrentrée.

Och eestëmmeg sinn d’Gemengeréit mat der Aféierung vun enger finanzieller Bäihëllef averstane fir d’Eltere vun de Schüler aus dem Grondschoul- an dem Sekondärschoul-Unterrecht. Dës Bäihëllef ass 25 € pro Kand a gëtt géint d’Virleeë vun enger entpriechender Rechnung fir Schoulmaterial ausbezuelt.

## 6. Deliberatioun iwwer d’Ufro vun engem Zousazkredit am uerdentleche Gemengebudget 2023 vun der Gemeng Rammerich: Finanziell Bäihëllef fir d’Eltere vun de Schüler aus dem Grondschoul- an dem

**Sekondärschoul-Unterrecht fir d'Uschafe vum Schoulmaterial fir d'Schoulrentrée.**

Fir dës finanziell Bäihëllef ze finanzéiere proposéiert de Schäfferot, fir am Budgetsartikel 3/250/648330/99002 dee selwechte Montant anzedroe wéi 2022, an zwar 14.000 €, déi vum definitive Boni vum Budget ofgezu ginn.

Och heimat sinn all Conseilleren averstanen.

## 7. Deliberatioun iwwer d'Ufro vu Spezialkreditter am Gemengebudget vun den ausseruerdentlechen Depense respektiv vun den ausseruerdentleche Recette vun der Gemeng Rammerich fir den Exercice 2023:

- **Uschafe vun engem Spullweenchen,**
- **Staatleche Subsid fir d' Uschafe vun engem Spullweenchen.**

Fir déi lokal Veräiner an Associatioune bei der ëmweltfrëndlecher Organisatioun vun hire Manifestatiounen ze ënnerstëtzen, proposéiert de Schäfferot, fir e Spullweenchen unzeschafen. Fir dës Remorque, equipéiert mat enger Spullmaschinn, Glieser, Couverten, Telleren, Tasen asw. ze finanzéieren, proposéiert de Schäfferot, well dësen Artikel net am Budget virgesinn ass, d'Schafe vun engem Budgetsartikel 4/860/223220/23009 iwwer e Montant vu 65.000 €.

Well den Ëmweltministère hei e Subsid vun 30%, mat engem Maximum vun 10.000 € accordéiert, gëtt bei den aussergewéinleche Recetten en Artikel 1/850/163000/23009 mat 10.000 € virgesinn.

Den Equiliber am Budget gëtt duerch eng Reduktioun vum definitive Boni ëm 55.000 € ausgeglach.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) wollt Detailer iwwer d'Konditioune vun der Bereetstellung vun dësem Spullweenchen un d'Veräiner, an d'Schäffin Myriam Binck (CSV) huet drop higewisen, datt een hei mat enger Liwwerzäit vun véier bis fënnef Méint misst rechnen, an datt fir d'Locatioun nach eng Rei Froen ze kläre bleiwen.

Déi zwou Budgetsännerunge ginn eestëmmeg ugeholl.

## 8. Deliberatioun iwwer d'Schafe vun dräi zousätzleche Vollzäit-Posten am Loungrupp B vum Ugestallte fir manuell Aarbechten.

Eestëmmeg sinn d'Conseillere mat dem Schafe vun dräi zousätzleche Vollzäit-Plazen am Loungrupp B fir Mataarbechter fir manuell Aarbechten averstanen.

Hei wëll d'Conseillère Myriam Picard wëssen, fir wéi eng Servicer dës Plazen ausgeschriwwe ginn, wourop de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) op Enkpäss bei den Orduren a beim Busbegleederservice erënnert.

## 9. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun der Konventioun iwwer de Sozialbüro vum Réidener Kanton OS CARE fir d'Joer 2023.

D'Konventioun mam Sozialbüro vum Réidener Kanton, déi all Joer erneiert gëtt, gëtt fir 2023 eestëmmeg ugeholl.

## 10. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.

Nodeems den Innenministère en Ierfpachtvertrag aus dem Joer 2021 annuléiert hat, bei dem d'Gemeng Rammerich der Societéit "Heliosmart Development S.A." Terrainen an der Rue de l'Église zu Wolwen ofgetrueden hat, huet dëse Kontrakt misse vum Gemengerot offiziell annuléiert ginn.

Dorops hin ass mat Datum vum 5. Juni 2023 en neien notariellen Akt tëschent der Gemeng Rammerich an der "Heliosmart Development S.A." ënnerschriwwe ginn, mat dem d'Gemeng Rammerich där Gesellschaft Terrainen vun 0,26 Ar, 0,81 Ar, 7,09 Ar a 6,51 Ar an der Rue de l'Église zu Wolwen iwwerléisst, dat bei enger Pachtzäit (Bail emphytéotique) vun 99 Joer fir eng Pacht vun 3.667,50 € pro Joer (250 € / Ar), déi all 9 Joer kann ugepasst ginn. Domat kann de Locataire elo op dësem Terrain entspriechend de Gesetzer a Virschrëfte bauen oder ëmänneren.

Dëss zwee notariell Akte ginn eestëmmeg ugeholl.

## 11. Deliberatioun iwwer d'Zouerkenne vun engem ausseruerdentleche Subsid.

Fir déi 23. Coupe de la Vallée de l'Attert zu Nothomb accordéiert de Gemengerot der A.S. Nothomb-Post eestëmmeg en ausseruerdentleche Subsid vun 250 €.

## 12. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.

D'LSAP-Conseillere Sascha Hengen, Marie-Louise Kettel a Myriam Picard wëlle wëssen, wéini de Wäschbuer zu Ueschdref gebotzt gëtt. Si froe wat d'Funktionalitéit vum Gebai vun der fréierer Diligence ass a wien sech ënner dëser Adress ka bei der Gemeng umellen. Weider froe si, ob den neie Gemengerot d'Resultater vum Diagnostik vun der strategescher Versioun vun der Entwécklung vum Kanton Réiden kréie kann, deen de Schäfferéit aus dem Kanton de 16. Mäerz virgestallt ginn ass.

Hei seet de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV), datt de Wäschbuer muss gebotzt ginn, an datt een dat direkt sollt un den technesche Service weiderginn.

Zur fréierer Diligence weist de Buergermeeschter drop hinn, datt dat Gebäi an enger “Zone mixte” läit, an domat hei zwou Familljen dierfen ugemellt ginn. Wann doriwwer eraus Zëmmer verlount gin, kéint een dat nët verbidden, soulaang d’Konditiounen, wéi se fir déi sougenannte Cafészëmmere virgeschriwwe sinn, agehale ginn.

Vun de Resultater zu der Entwécklung vum Réidener Kanton ass nach näischt bei der Gemeng Rammerich ukomm, wann dat awer de Fall ass, kréien d’Conseilleren dat och zougestallt.

## 13. NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Deliberatioun iwwer d’definitiv Ernennung vun enge(r)m bäigeuerdente(r) Gemengesekretär(in) am Statut vun engem Gemengefonctionnaire mat enger Vollzäit-Tâche an op onbegrenzten Dauer.

An enger net ëffentlecher Sëtzung decidéiert de Gemengerot iwwer d’definitiv Ernennung vun enge(r)m bäigeuerdente(r) Gemengesekretär(in).